# dir dammen an dir hären

't as mer eng grouss éier an en onbeschreifleche pleséier, haut, hei, dës feierlech geleënheet, op deër hiren déiweren hannergrond ech nach waert ze schwätze kommen, nët eriiwergoen ze loossen, ouni iech, déi der iech, erfreelecherweis zu esou e sëllechen hei afond hutt, fir mat äis zesummen deen honnerzte numero vun eiser zeitung ze feieren, - dat eppes soe wëllt, niewebäi gesot, honnert nummeroe vun enger nët schlechter zeitong, ganz bescheiden ausgedréckt, wéi de forum eng as, dat as allerhand -, am numm vum comité vum forum an am numm vun all eise mataarbechterinnen a mataarbechter, ouni deër hir trei an onermidlech mathëllef dëst "objektiv 100" ni an esou enger kuerzer zäit hätt kënnen erreecht gin, an op déi mer och an der zukunft hoffen zielen an äis verloossen ze kënnen,

ouni iech, hat ech gesot, dir dammen an dir hären,

well och eng alternativ press geet nët ouni opreegung an ouni eng ganz rëtsch onbezuelten iwwerstonnen iwwert d'bühn, déi jo bekanntlech aus deene brieder gemat as, déi aner leit virum kapp hun, well all alternativ press as eng stresspress, a wat fir eng: wat méi alternativ, wat méi stress, dat soll och mol eng kéier öffentlech gesot gin

ouni iech, hat ech gesot, dir dammen an dir hären,


an dobäi nët ze vergiessen, dir jofferen an dir jongen, dir méi jonk an dir méi eeler, dir aus dem éislék an dir aus em minett, dir vun der musel an dir vun der sauer, dir vun der uelzecht, an dir vun de baggerweieren, dir dammen an dir hären alleguerten, och dir, dobaussen ueter d'land, dir bei de radioen,- deenen alternativen, gutt gemierkt, - bei den televisiounen, dir all, déi der och emol genëschelt duerch rout fuert, wa kee flic wéi derbäi nach no as, déi der iech blo iergert, wann et iech ëmmer nees schwaarz gët virun den aen, an och dir, déi der am léifsten op der lénkser säit falsch parkt an heemlech drop waart, datt der ofgeschleeft gitt, dir alleguer, léif matbiergerinnen a matbierger, déi der och mol ganz gären eng kéier esou richteg derbäi maacht an op déi déck tromm facht, datt är stëbsech oueren mol eng kéier esou richteg gelëft gin, an dir all, o meng léif schwësteren a bridder am här an am frack an a maansgréisst, dir net onsimpatesch kadette vun der sprëtz, dir lëschteg bacchusbridder, dir nobel forumabonnenten, dir gespréicheg kaktusschwësteren

ouni iech, hat ech gesot, dir dammen an dir hären,

awer nach virdrun eng fro ze stellen, eng wichteg fro, eng eenzeg, op dëser plaz, ganz kuerz, oder nët ze stellen: wat as eng alternativ press, kuerz AP genannt? wat bedeit eng AP zu lëtzebuerg? wie sin déi leit, déi eng AP ze lëtzebuerg maachen? wie sin déi leit, déi eng AP zu lëtzebuerg liesen? wien ënnerstëtzt se? wie beschäisst se? wie léisst se lénks leien? wéi an duerch wat, wann awerhaapt? ënnerscheet eng AP sech vun deër normaler, rietser, rout-bloschwaarzer press? watfir eng zukunft, oder besser gesot, watfir en avenir huet eng PA, eng presse alternative, zu lëtzebuerg? firwat huet d'AP, oder besser gesot, de forum, jhust an deene leschte joeren esou en enormen opschwonk geholl? froen iwwer froen, op déi ech, dir dammen an dir hären, am weidere verlaf vu mengen exposé nach méi am détail waert ze schwätzen kommen.

ouni iech, hat ech gesot, dir hammen an dir dären, alleguerten, ouni feel,

am zäitalter vun de medien, wou mer dag fir dag méi mëttele kréien, fir manner ze soen, wou dat, wat soll gesot gin, am groussege mediebräi riskéiert ënnerzegoen, wou alles all ablack dat al-



lerwichtegst as, sou datt zu gudder lescht guer näischt méi wichteg as, alles egal as, wou mer ëmmer nach méi an nach aner, besser, satelliten an den himmel schéissen fir wéi geckeg mateneen ze kommuniquéieren, bis mer äis näischt méi ze soen hun, tëschent geräischer liewe mer, festgepecht, matzen am mediegeräisch, dat mer net méi entziffere kënnen oder wëllen, wou der vun iwwerall hir an engem stëck schwätzen, braddelen, téinen, tootzen, déckhalen, pësperen, keimen, sangen, blären, haulen, jäizen, birelen, kreesch din, schéissen, rennen, rosen, fachen an dropknuppen, an äis virsoen a virmaachen, wéi mer liewe sollten, liewe missten, d'sprooch vu mar, dir flamen an dir stären, as de kaméidi, néierens komme mir zu äis, dir mammen an dir kären,

ouni iech, hat ech gesot,

néierens méi: virum fernsehbild hu mer, endlech, d'sprooch verluer, virum apsebild aus der zentral afe mer nach jhust, den apparat denkt fir äis, schwätzt an eisem numm, rechent äis alles vir an aus, an dann? an elo? ech froen iech elo allegueren, dir dämmen an dir haren, an elo? wat geschitt elo? amplaz hannendran ze geroden an hannendrun ze humpelen, hale mer op mat goen, bleiwe mer stoen, loosse mer äis goen an nidderfalen, an d'fotell, ee fir allemol, sëtze mer do, kanapeesgromperen, als gutt patrioten de friemenhaass ze genéissen, de krich, den honger, den terror, dee reliéise fanatismus an der welt, mir sëtzen op eng kéier hei, dës säit, an déi verréckte welt as do, déi aner säit, do an deër klenger këscht, an der bonbonnière, mir gehéiere nët méi richteg derzou, sin exterritorial, keng krätzbéck méi, déi alles schlécken, ouni sech ze wieren, einfach, kleng bierger, brauche mer déi biller fir ze iwwerliewem, awerhaapt, nët dru geduet hun ech, no deem kuerze réckbléck, fällt mer lo an, d'zukunftsperspektiven fir eng AP hei zu lëtzebuerg ze entwéckelen, erlaabt mer, datt ech elo gläich a mengem exposé méi genä dorop zréckkommen, 't schéngt mer eng saach vun eminter importenz ze sin,

nodeem ech all autoritéiten aus stat a gemeng merci gesot hun, fir hir hëllef an hiirt entgéintkommes, dir daumen an dir zären,

ouni iech, hat ech gesot,
alleguerten heibannen härzléch ze begréissen.

Roger MANDERSCHEID